LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Här Aussen-an Europaminister, Jean Asselborn, op d'parlamentaresch Fro no 7182 vum 15. November 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

1. **Wéi schwéier ass d'Installatioun mat de Buschtawen an aus wat fir engem Material bestinn se?**
   D'Gesamtgewiicht vum Lettrage a vum Sockel bedréit 2.457,40 kg. D'Längt vum Lettrage ass 14,13 Meter an d'Héischt vun de Buschtawe variéiert tëscht 1,2 an 2 Meter („X"). De Lettrage ass a sechs Elementer ofbaubar a besteet aus Aluminium a Plexi LED. Dës Materialie sinn dofir gëeegent, op laang Dauer am Fräien opgestallt ze ginn.

2. **Wéi vill huet d'Produktioun vun der Buschtawen-Installatioun kascht a wou gouf se hirgestallt?**
   D'Buschtawe goufen Enn 2020 produzéiert, mam Zil op strategesche Plazen zu Lëtzebuerg an am Ausland d'Visibilitéit vu Lëtzebuerg national an international ze stäerken. De Lettrage gouf vun engem Lëtzebuerger Betrib hiergestallt fir e Präis vun 33.350,00€ HTVA. E Sockel, deen et erlaabt, de Lettrage punktuell op verschiddene Plazen opzeriichten, gouf am Joer 2022 vun der selwechter Firma fir 17 565,60€ HTVA produzéiert.

3. **Wéi vill huet den Transport vu Lëtzebuerg op Montréal kascht, opgelëscht no Transportmëttel, an deem d'Buschtawen transportéiert gi sinn?**
   De Lofttransport gouf integral vun der Cargolux gesponsert, ob Basis vun engem *stand-by Sponsoring,* daat heescht via engem regulären Vol wou nach Platz war. D'Cargolux huet d'CO2 Emissiounen vun dësem Transport matt SAF (Sustainable Aviation Fuel) kompenséiert, dat heescht d'Emissiounen sinn zu 100% kompenséiert gin.

4. **Wien huet dës Marketing-Aktioun ausgeschafft a vu wiem gouf se accordéiert?**
   Well Lëtzebuerg Éieregaascht um Festival des Films Francophones CINEMANIA zu Montréal war an d'Missioun vun der Promotion de l'image de marque et ass fir e.a. d'Diversitéit an d'Kreativitéit vu Lëtzebuerg international bekannt ze maachen, huet dësen Service des Aktioun ausgeschafft. Se gouf accordéiert vum Ausseministère op Gronn vum Potential vun dësem internationalen Event, dee mat sengen 30.000 geschaten Visiteur'en et dem Land erméiglecht huet, vun enger grousser Médiatisatioun ze profitéieren.

5. **Ass d'Regierung der Meenung, dass et ekologesch nohalteg ass, fir Buschtawe ronderëm den hallwe Globus transportéieren ze loossen?**
   Fir d'Campagne a Kanada ass bestoend Promotiounsmaterial benotzt ginn. D'Emissiounen zu 100% vun der Cargolux kompenséiert ginn. Ausserdem ass ze bemierken, datt d'Produktioun vun alternativem Promotiounsmaterial, wat déi selwecht Visibilitéit an Attraktivitéit erméiglecht hätt, souwuel nei finanziell Ressourcen engagéiert hätt wéi och zousätzlech CO2 Emissiounen.

6. **Heescht d'Regierung dës Aktioun, esou wéi se duerchgefouert gouf, gutt oder géif si et nächste Kéier aneschters maache loossen? Wat géif se déi nächste Kéier aneschters maachen?**

De Lettrage erlaabt eng grouss Visibilitéit an e positiven Impakt op de Public souwuel zu Lëtzebuerg wéi och am Ausland. Mir wäerten weiderhin déi bescht Optioune sichen, besonnesch a punkto Nohaltegkeet, fir d'Missioun vu der Promotioun vum Lëtzebuerger Markenimage auszeféieren. All Missioun wäert an där Hisiicht evaluéiert ginn, fir d'Promotiounsaktiounen deementspriechend z'entwéckelen an unzepassen.

Lëtzebuerg, den 15. Dezember 2022

Den Aussen - an Europaminister

(s.) Jean Asselborn